

Mir stelle vir: D'Beamtendelegatioun vun der Gemeng Lëtzebuerg

Bei der Gemeng Lëtzebuerg gëtt et zwou Personalvertriedungen: eng Personalvertriedung fir d' Fonctionnären an d'Employeeën (d'Beamtendelegatioun) an eng Personalvertriedung fir d'Aarbechter a Privatbeamten (Saliariatsdelegatioun).

An dësem Dépliant wëlle mir iech d'Beamtendelegatioun virstellen.

Doriwwer raus ka jiddereen sech och u seng Gewerkschaft (*) adresséieren.

Wat ass d'Beamtendelegatioun?

D'Beamtendelegatioun vun der Gemeng Lëtzebuerg – mat ganzem Numm „Délégation des Fonctionnaires et Employés de la Ville de Luxembourg“ – ass déi legal Interessevertriedung vun alle Fonctionnären an Employeeën vun der Gemeng Lëtzebuerg, souwuel beim jeweilegen Chef de Service, bei der Personaldirektioun („Direction des Ressources Humaines“) wéi och beim Schäfferot. Dat betrëfft och d'Fonctionnären, déi nach net fest ugestallt sinn („fonctionnaires en service provisoire“).

Si setzt sech zesummen aus 16 gewielten Delegéierten an aus 16 Ersatzdelegéierten. De Büro vun der Delegatioun bekëmmert sech ëm déi alldeeglech Aarbechten an ass den direkten Usprichspartner fir de Schäfferot, d'Servicer an d'Personal.

Fir wat a fir wien ass d'Beamtendelegatioun do?

D'Haaptaufgab vun der Beamtendelegatioun ass et fir déi berufflech Interessen vun alle Fonctionnären an Employeeën ze verdeedegen an ze verbesseren.

Dofir ass si – dem Artikel 47 vum Beamtestatut no – opgefuerdert fir:

- hiren Avis ofzeginn a Virschléi ze maachen fir d'Aarbechtskonditiounen ze verbesseren;
- de Responsablen vun der Gemeng déi individuell oder kollektiv Reklamatiounen vum Personal vir-

zedroen – dat geschitt awer nëmmen dann, wann dat ausdrécklech vum Personal gewünscht gëtt;

- individuell a kollektiv Konflikter tëscht der Gemeng an hirem Personal ze verhënneren respektiv ze hëllefen dës ze behiessen;
- bei der Ausaarbechtung an der Ëmännerung vun Déngschtreglementer an anere Bestëmmungen, déi d'Personal uginn, matzeschaffen;
- bei alle Froen iwwer d'Organisatioun vu de Servicer hiren Avis ofzeginn;

D'Delegatioun muss vum Schäfferot, respektiv vum betroffenen Service, bei alle Reorganisatiounen an Ännerungen vun interne Reglementer a Bestëmmungen „vun Ufank un“ („dès le stade de l'élaboration du texte“) konsultéiert ginn.

Dobäi soll de Schäfferot de Virschléi vun der Delegatioun „sou wäit wéi méiglech Rechnung droen“. D'Delegatioun an de Schäfferot mussen „an alle Fäll Léisunge sichen, déi souwuel am Interessi vum Personal, wéi och am Interessi vum Service a vum Public sinn“. Wann dobäi kee Konsens fond gëtt, gëtt d'Delegatioun en zweeten Avis of, op Grond vun deem nach eng Kéier versicht gëtt sech eens ze ginn. Wann dann nach ëmmer kee Kompromiss fond gëtt, dierf ee sech och un den Innenminister adresséieren.

- Virschléi ze maachen bei der Gestiou vun soziale Wierker, der Protektioun vun der Aarbecht, der Verbesserung an der Verschéinerung vum Aarbechtsëmfeld, bei der Präventioun vun Aarbechtsakzidenter a Berufskrankheeten, an och bei der Integratioun vu Personal dat en Akzident hat oder eng Behënnerung huet.

Doriwwer raus sinn d'Personaldelegatioun an hir Delegéiert awer och **do, fir déi eenzel Membere vum Personal an alle beruffleche Froen ze beroden an z'ënnerstëtzen.**

Wien ass Personaldelegierten?

D'Beamtendelegatioun setzt sech zesummen aus 16 Delegierten an 16 Ersatzdelegierten. D'Delegiert an Ersatzdelegiert ginn all 5 Joer gewielt. D'Zuel vun den Delegiert hänkt vun der Zuel vum Personal of, dat wielen duerf. Dat sinn all déi Fonctionnären an Employeeën déi op d'mansst 6 Méint vrun den Delegatiounswalen den Déngscht an der Gemeng ugetratt hunn.

Fir gewielt kënnen ze ginn, muss een 21 Joer al sinn. Gewielt gi kënnen déi Fonctionnären an Employeeën, déi op dem Dag vun den Walen zënter méi wéi engem Joer fest agestallt sinn.

Déi lescht Delegatiounswalen waren de 10. Mee 2007. Dräi Gewerkschaften (*) hate Kandidatenlëschten opgestallt.

D'Nimm vun de gewielten Délégierten fand Dir op der leschter Säit vun dësem Dépliant.

Déi nächst Wale sinn am Fréijoer 2012.

Wéi schafft d'Beamtendelegatioun?

Den Delegatiounsbüro mécht déi dagdeeglech Aarbechte vun der Delegatioun. Den Delegatiounsbüro ass och den direkten Usprichpartner fir de Schäfferot, d'Servicer an d'Personal. Doriwwer raus kann och jidderee vum Personal sech un een Delegierte vu sengem Choix riichten.

Den Delegatiounsbüro.

Am Büro vun der Beamtendelegatioun sinn:

- Jeannot WEGENER, Präsident – Tel: 3079
- Justin TURPEL, Sekretär – Tel: 2693
- John HANSEN, 2. Sekretär – Tel: 3015
- Carlo ELTER, Vizepräsident – Tel: 3023
- Jean-Marie MICHELS, Vizepräsident – Tel: 3023

Fir hir Aarbecht maachen ze kënnen, huet d'Beamtendelegatioun Fräistellungen zegutt, déi d'Delegatioun selwer opdeelen kann. Dëser Opdeelerung no sinn de Präsident an déi zwee Sekretären gréisstendeels an all aner Delegierten eng begrenzte Zäit fräigestallt.

Den Delegatiounsbüro kënn jidwer Méindegmueres zesummen, fir d'Aarbechten kloerzestellen an opzedelen, Avisen a Sitzungen virzubereeden ...

D'Delegatioun huet hir Büroen um Lampertsbiërg, 19, rue de la Chapelle. Si ass z'erreechen zu de normalen Büroszäiten ausser wann hir Leit an enger Versammlung oder op engem Rendez-vous sinn. Dofir soll een am beschten am viraus e Rendez-vous ufroen. Den Telefon ass: 3023; d'E-Mail-Adress vum Delegatiounsbüro ass: deleg-fonc@vdl.lu

Versammlungen vun der Delegatioun.

Déi 16 Delegiert gesi sech regelméisseg eemol am Mount an enger Réunioun vun der ganzer Delegatioun, a wann néideg och méi oft. Souwuel jidwer Delegiert, wéi och déi eenzel Gewerkschaftsfraktiounen, kënnen Punkten op d'Dagesuerdnung setze loosse, déi vum Delegatiounsbüro virbereet gëtt. De Rapport vun all Versammlung geet un all Delegierten, all Ersatzdelegierten an och un de Schäfferot.

Avisen a Propositionen.

All Avis vun der Delegatioun gëtt am Prinzip mam Personal aus dem Betrib deen et ugeet virbereet an et gëtt mat der ganzer Delegatioun driwwert diskutiert a zesummen décidéiert, ier en un de Schäfferot geschéckt gëtt.

De groupe de travail 'Affaires du Personnel - fonctionnaires et employés'.

D'Vertrieder vun der Delegatioun komme regelméisseg – am Prinzip 10 Mol am Joer – mat dem Buergermeeschter Paul Helminger an de Vertrieder vun der Personaldirektioun zesummen.

Do gëtt iwwert all déi Punkte geschwat, fir déi d'Delegatioun weder mam zoustännege Service nach mat der Personaldirektioun en Accord fond huet.

Dobäi gëtt d'Delegatioun vertrauede vum Delegatiounsbüro a je engem zousätzlechen Delegierten vun all Gewerkschaftsfraktioun. Deemno wéi een Theam beschwat gëtt, kënnen och deen een oder anere Expert vum Personal, Schäfte, chef de service oder Direkter op déi Sitzungen ageluede ginn.

Déi Punkten iwwert déi an dem Aarbechtsgrupp 'Affaires du Personnel - fonctionnaires et employés' geschwat gouf a fir déi en Accord fond ginn ass, gi fir eng definitiv Décisioun un de Schäfferot geschéckt.

Bei Problemer an engem Service.

Wann et e Problem gëtt, soll een als Member vum Personal mol fir d'éischt selwer mat sengem Chef schwätzen. Et kann ee sech awer och scho virun dem Gespréich vun der Beamtendelegatioun beroden loosse. A gewësse Situatiounen ass et och eng wichteg Hëllef fir sech vun engem Personaldelegierten ënnerstëtzen oder bei de Chef begleeden ze loosse.

All Ugeleeënheet, déi net am Betrib geléist ka ginn, kann awer och – wann de Betreffenen dat wënscht – vun der Beamtendelegatioun un d'Personaldirektioun, de Schäfferot oder de Buergermeeschter erugedroe ginn.

Zesummenaarbecht mat der Pesonaldirektioun.

Den Delegatiounsbüro klärt déi alldeelech Problemer, wou keng Decisioun vum Schäfferot néideg ass, direkt mat der Personaldirektioun.

Aarbechtsgruppen a Kommissiounen.

Am Kader vun hiren Aufgaben ass d'Delegatioun och an verschiddene permanenten oder spezifischen Arbeitsgruppen vertrueden, déi vum Schäfferot agesat gi sinn.

D'Delegatioun selwer huet awer och d'Recht fir an hiren eegene Reien Spezialkommissiounen z'organisieren fir bestëmmten Themen ze behandelen (... zum Beispill bei méi groussen Reorganisatiounen an de Betriber).

Wuelbefannen op der Arbeitsplaz.

D'Beamtendelegatioun ass frou, datt de Schäfferot d'accord war fir e speziellen Departement ze grënnen, deen d'Wuelbefannen vum Mënsch op senger Arbeitsplaz ënnerstëtze soll. Dësen Departement, ënner der Responsabilitéit vun der Mme Céline Briolotti, ass d'Opfänkplaz fir all Member vum Personal, am Fall vu Konflikter, Mobbing oder gesondheetleche Problemer. Heihinner kann ee sech och vun engem Personaldelegéierte begleede loossen.

Den Département „Prévention et bien-être au travail“ huet och en Aktiounsplang ausgeschafft fir d'Wuelbefannen op der Arbeitsplaz ze verbesseren. Heibäi sinn Aktiounen zu deenen heiten Themen un d'Rulle komm:

- Alkohol an aner Suchtkrankheeten op der Arbeitsplaz;
- Kommunikatioun a Konfliktgestioun;
- Stress, Burnout a posttraumatesche Stress;
- Aarbechtmedezinesch Aktiounen wéi Grippeimpfungen, Inventar an Ënnersiche vu „postes à risque“, Weiterbildung a Konferenzen, Initiative fir Präventioun, „étude de poste“ am Fall bei gesondheetlechen Problemer.

Bei all „étude de poste“ ass och e Verrieder vun der Beamtendelegatioun derbäi.

Weider Informatiounen zu all dësem fënd een am **Intranet** ënnert [Accès par services > DRH > Bien-être au travail](#).

Intern Charta.

Op Wonsch vum Schäfferot gouf 2009 eng intern Charta ausgeschafft. D'Zil dervun ass et fir jiddwengem vum Gemengepersonal et méiglech ze man fir sech an engem positiven Arbeitsëmfeld wieder z'ëntwéckelen, fir kënnen houfreg a verantwortungsbewusst am Déngscht vun der Allgemengheet

ze schaffen. Dobäi gëtt Wäert geluecht op géigesäitege Respekt an eng gutt Kommunikatioun am Alldag. Et sollen an all Service regelméisseg Déngschtréuniounen ginn. Eise Statut schreift doriwwer raus vir, datt all Chef op d'mannst eemol am Joer mat all Member vu sengem Personal eenzel schwätzt („Mitarbeitgespräche“).

D'Beamtendelegatioun ass der Meenung, datt déi intern Charta eng gutt Saach ass wa se dann respektéiert gëtt. Dat ass awer leider nach lang net iwwerall de Fall. Op alle Fall gëtt et nach viles ze verbesseren ...

Prozedur géint Mobbing a sexuell Belästegung.

Am Laf vum Joer 2010 huet d'Delegatioun zesumme mat der DRH, dem Département „Prévention et bien-être au travail“ an der „Communication interne“ eng Prozedur ausgeschafft fir géint Mobbing a sexuell Belästegung virzegoen. Dobäi gouf ganz kloer festgeluecht, datt d'Gemeng kee Mobbing a keng sexuell Belästegung a senger Servicer toleréiert. Och doriwwer ginn et weider Informatiounen am Intranet. Och an dëse Fäll kann all Fonctionnär oder Employee sech vun der Beamtendelegatioun beroden an ënnerstëtzen loossen. Et ass selbstverständlech datt dobäi all Demande oder Gespréich diskret behandelt muss ginn.

Nei-Astellungen.

Fir datt d'Gemeng qualitativ héichwäerteg Servicer unzebidde kann, soll si – trotz budgetäre Spuermassnahmen – nach ëmmer esouvill Leit astelle kënnen, wéi si wierklech brauch. Dofir huet all Service een Organigramm, wou drasteet, wat vu Leit néideg ass. Bei Ännerungen am Organigramm muss d'Beamtendelegatioun ëm hiren Avis gefrot ginn. Déi fräi Posten gi regelméisseg ausgeschriwwen.

D'Beamtendelegatioun ass awer net d'accord domat, datt ëmmer méi op Privatbeamten zrëckgegraff gëtt, do wou eigentlech Fonctionnären sollen a kënnen agestallt ginn. Oft dauert et och vill ze laang, bis e Service déi Leit kritt, déi e brauch.

Recht op „intern Mobilitéit“.

All Fonctionnär a Beamten soll d'Recht hunn, fir sech senger Carrière no op fräi Plazen an anere Servicer ze mellen. Dofir huet d'Beamtendelegatioun mat der DRH an dem Schäfferot eng speziell Prozedur festgehal, no där jiddereen d'Recht huet fir sech souwuel op intern wéi op extern ausgeschriwwen Posten a senger Carrière ze mellen. Jiddereen deen dat wëll, kann awer och eng „spontan Demande“ (also ouni datt eng Plaz ausgeschriwwen ass) maachen. Dat selwecht gëlt fir jiddereen, deen aus gesondheetleche Grënn säin Arbeitsposten wiessele muss.

De Formulär fir déi Demanden ass och um Intranet. Eng „commission de mobilité“ iwwerwaacht d'Prozedur. Jiddereen deen heizou Froen huet, ka sech un de Präsident oder de Sekretär vun der Beamtendelegatioun, de Jeannot WEGENER oder de Justin TURPEL (déi d'Delegatioun an der Commissioun vertrieeden) adresséieren.

Sécherheet bei der Gemeng Lëtzebuerg.

Dem Gesetz no huet de Patron d'Flicht sech ëm d'Sécherheet an d'Gesondheet vu sengem Personal op der Aarbecht ze këmmen. Heifir huet d'Gemeng Lëtzebuerg en eegene Sécherheetsservice, mat u senger Spëtzt dem „Délégué à la sécurité“ vum Schäfferot.

D'Secherheet an d'Gesondheet am Gemengesektor soll zesumme mam Personal an de Personaldelegéierte geregelt ginn. D'Gesetz seet, datt dat (ënner anerem) an engem „Comité local de sécurité“ geschéie muss. Do soll iwwert all noutwendeg Measure geschwat ginn, an alles d'Wee geleet gi, fir d'Sécherheet an all Betrib a fir all Mënsch ze garantéieren.

Bei der Gemeng Lëtzebuerg funktionnéiert de „Comité local de sécurité“ awer ganz schlecht oder guer net. Et mécht ons Suergen, datt dëst sech trotz der Wichtigkeet dovun, an trotz enger Abberzuel vu Reklamatiounen beim Schäfferot, nach ëmmer net geännert huet!

Gläichheitsdelegéierten.

Zënter 1999 huet d'Beamtendelegatioun och e Gläichheitsdelegéierten. Seng Aufgab ass et fir dem Schäfferot an der Delegatioun Propositionen ze maachen zu der Gläichstellung vu Männer a Fraen, an d'Personal an deem Sënn ze beroden.

Gläichheitsdelegéierten vun der Beamtendelegatioun ass de Pascal FRISING, Tel. 3024; Ersatzvertrieder ass d'Danièle FELLER. Tel. 2627 oder 621 702 134.

Den Gläichheitsdelegéierten ass z'erreechen all Donneschdeg vun 13.30 bis 16.00 Auer oder op Rendez-vous.

Fir iech do.

D'Beamtendelegatioun ass fir all Fonctionnären an Employeeën do. Zéckt net fir iech un är Personaldelegatioun ze riichte wann dir Froen oder Problemer hutt. An dat souwuel bei individuelle wéi och bei kollektive Problemer.

Adresséiert iech entweder un en eenzelen Delegéierten oder un den Delegatiounsbüro.

All Fall gëtt mat der gréisster Diskretioun behandelt. D'Beamtendelegatioun gräift nëmme do an, wou de Betreffenen dat ausdrécklech wëllt!

Jidwer Delegéierten ass – genee wéi s du – och Member vum Gemengpersonal. Et sinn also Leit déi de Betrib kennen a mat deenen dir oppe schwäze kënt. Si si fir iech do.

All Member vum Personal däerf och bannent sénger Aarbechtzäit op den Delegatiounsbüro kommen

– dat heescht, datt een sech net fräihuele muss fir dohin ze goen. Wann ee während der Aarbechtzäit bei d'Delegatioun goe wëll, muss een awer virdu sengem Chef Bescheed soen. Hei nach eng Kéier d'Adress: 19, rue de la Chapelle um Lampertsbierg (Bus Ligne 3 – Arrêt um ënneschte Glacis). Frot awer w.e.g. am viraus e Rendez-vous! Den Telefon um Büro ass 3023 an d'E-Mail-Adress vum Delelgiounsbüro ass deleg-fonc@vdl.lu

D'Gewerkschaften:

(*) D'Gewerkschaften, déi d'Fonctionnären an d'Employeeën bei der Gemeng Lëtzebuerg vertrieeden, sinn:

- **FGFC**, 66, rue Baudouin L-1218 Lëtzebuerg, Telefon 40 77 20-1, fgfc@fgfc.lu, www.fgfc.lu
- **FNCTTFEL-Landesverband**, 63, rue de Bonnevoie L-1260 Lëtzebuerg, Tel. 48 70 44-1, info@landesverband.lu, www.landesverband.lu
- **LCGB**, 11, rue du Commerce L-1012 Lëtzebuerg, Tel. 49 94 24-1, lcgb@lcgb.lu, www.lcgb.lu

Wéi eng Leeschtungen datt si ubidden, kuckt am Beschten op jidwerenger hierem Internet-Site.

Äer Delegéierte sinn:

WEGENER Jeannot, Prääsident vun de Beamtendelegatioun, FGFC, 4796-3079, jwegener@vld.lu

TURPEL Justin, Sekretär vun de Beamtendelegatioun, FNCTTFEL-Landesverband, 4796-2693, jturpel@vdl.lu

HANSEN John, 2. Sekretär vun de Beamtendelegatioun, Geometer, FGFC, 4796-3015, jhansen@vdl.lu

ELTER Carlo, Vizepräsident vun de Beamtendelegatioun, AVL, FNCTTFEL-Landesverband, 621 749 796, celter@vdl.lu

MICHELS Jean-Marie, Vizepräsident vun de Beamtendelegatioun, Musee, FGFC, 4796-3023, jmmichels@vdl.lu

FRISING Pascal, Gläichheetsdelegéierten, Voirie – Nai Aménagement, FGFC, 4796-3024, pfrising@vdl.lu

FELLER Danièle, Ersatz-Gläichheetsdelegéierten, Fyours scolaires, FNCTTFEL-Landesverband, 4796-2627, 621 702 134, dfeller@vdl.lu

BONETTI Mirko, Pompjeeën, FGFC, mbonetti@vld.lu, 4796-3509

BONIFAS Alain, AVL, FNCTTFEL-Landesverband, abonifas@web.de, 621 264 966

CLEMENT Patrick, AVL, FNCTTFEL-Landesverband, 661 287 742

DONDELINGER Yves, AVL, FNCTTFEL-Landesverband, 4796-3796, 691 98 3796, ydondelinger@vdl.lu

GIRRES Jean-Paul, Gemengekees, FGFC, jpgirres@vdl.lu, 4796-2699

KERTZ Jean-Paul, Architekt, FGFC, jpkertz@vld.lu, 4796-2897

MARX Lou, Circulatioun, FNCTTFEL-Landesverband, 4796-3352, lmarx@vdl.lu

SCHMIT Jean-Claude, Elektrizitéitswierk, FGFC, jcschmit@vdl.lu, 4796-2617

THINNES Armand, Elektrizitéitswierk, LCGB, 691 983 817, athinnes@creos.lu

Ersatzdelegéiert sinn:

BRAUN Fernand, Voirie – Entretiens, FGFC, fbraun@vdl.lu, 4796-4675

CHELIUS André, Pompjeeën, FGFC, achelius@vdl.lu, 4796-3532

DEKIC Dusan, Foyers scolaires, FGFC, ddekic@vdl.lu, 4796-4619

DONDLINGER Lou, AVL, FNCTTFEL-Landesverband, 691 513 333

EINSWEILER Jean-Paul, Telefonszentral, FGFC, jpeinsweiler@vdl.lu, 4796-2302

GLESENER Frank, AVL, FGFC, frankglesener@hotmail.com

HERMES Jean-Marie, Pompiers, FGFC, brandstefter@pt.lu

HOFFMANN Marc, Pompjeeën, FNCTTFEL-Landesverband, kascha@pt.lu, 621 316 695

IMBERT Gérard, AVL, FNCTTFEL-Landesverband, tel

JACOBY Marc, Pompjeeën, FNCTTFEL-Landesverband, mail, 691 868 602

JAERLING Mike, Pompjeeën, FNCTTFEL-Landesverband, mikejaer@pt.lu, 621 291 489

KIEFER Sonja ép. FASBENDER, Elektrizitéitswierk, FNCTTFEL-Landesverband,

KUNNERT Sascha, Energie, FGFC, skunnert@vdl.lu, 4796-3055

LANGERS Paul, Park, FGFC, planger@vdl.lu, 4796-3400

QUINTUS Servais, AVL, LCGB, equit@pt.lu

WEBER Jean-Claude, Park, FNCTTFEL-Landesverband, 4796-3092